# Nummer 258
# August 2023

# Kropemann info

d'Informatiounsblat vun der Réidener Gemeng
Bulletin d'information de la commune de Redange/Attert



© Léon Rasqué

www.redange.lu


L-8510 REDANGE/ATTERT
38, Grand-rue
Adresse postale: B.P. 8
L- 8501 REDANGE/ATTERT

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 2 | Inhalt |
| 3 | Wëssenswertes aus der Gemeng |
| 4-6 | Séance publique du conseil communal du 22 juin 2023 |
| 7 | Vëlosummer am Kanton Réiden |
| 8-9 | Réidener Schwämm |
| 10 | Visit Guttland |
| 11 | Club Atertdall |
| 12-13 | SICONA - Wëllplanzensom |
| 14-15 | Impressioune vum Virowend vum Nationalfeierdag zu Réiden |
| 16-17 | Réiden virun 30 Joer |
| 18 | E schéine Geste vum Gaart an Heem Réiden |
| 19 | Am HPPA gouf mat 38 Jubilaren gefeiert |
| 20 | Aktioun Gielt Band - Hei dierft dir plécken |





**Druck/Herausgeber:**
Gemeinde Redingen/Attert
Ingrid Brusten, Mouchi Fasbinder, Monique Kuffer, Carlo Nilles, Luc Pauly
**Sekretariat & Layout:** Philippe Faber & Tracé
**Tél.:** 23 62 24-1
**E-Mail:** kropemann@redange.lu

Kropemann-Info erscheint monatlich kostenlos.
Bitte alle Artikel für den «Kropemann-Info» bis zum **12. des Monats 12 Uhr** zukommen lassen.



© Copyright 2023

# Wëssenswertes aus der Gemeng

## INFO

**Sidd dir oder gitt dir dëst Joer 2023 op der Gemeng zu Réiden, bestued oder gepacst?**

**Sidd dir Eltere ginn?**

**Ass ee vun äre Léifste gestuerwen?**

**Wëllt dir eng Foto an de Kropemann-Info setzen?**

**Da schéckt eis se bis den 12. vum Mount op kropemann@redange.lu**

## *Un d'Geschäftsleit aus der Gemeng Réiden/Atert:*

**Hu dir och nach fräi Aarbechtsplazen? Dir wëllt gären eng Annonce an eisem Gemengebuet publizéieren?**

**Da schéckt eis d'Annonce bis den 12. vum Mount op kropemann@redange.lu eran.**


© Léon Rasqué

## Gemeng Réiden

### Ëffnungszäiten

**Méindes bis Freides vun 8.00 Auer bis 12.00 Auer**

**a Mëttwochs vun 8.00 Auer bis 12.00 Auer a vun 14.00 Auer bis 18.00 Auer**

## Containerpark Réiden

**Tél: 26 62 09 13**

***Dënschdes bis Freides***
vun 09.00 Auer bis 11.45 Auer
a vun 13.00 Auer bis 17.00 Auer.

***Samschdes***
vun 09.00 Auer bis 16.00 Auer.

## Offallkalenner

**Mëttwoch, den 2. August:** Hausoffall
**Freideg, de 4. August:** Biooffall
**Mëttwoch, den 9. August:** Valorlux
**Freideg, den 11. August:** Biooffall
**Mëttwoch, de 16. August:** Hausoffall
**Freideg, den 18. August:** Biooffall
**Méindeg, den 21. August:** Alpabeiersamml.
**Mëttwoch, den 23. August:** Valorlux
**Freideg, de 25. August:** Biooffall
**Mëttwoch, den 30. August:** Hausoffall
**Donneschdeg, den 31. August:** Glassamml.

# Séance publique du conseil communal du 22 juin 2023

## ORDRE DU JOUR

Approbation de l'ordre du jour.

1. Approbation d'actes, de contrats et de conventions ;
2. OS CARE, Office Social du Canton de Redange : Approbation du bilan et du compte de profits et pertes de l'exercice 2020 ;
3. Saisine d'une modification ponctuelle du « Plan d'Aménagement Général – PAG » ;
4. Approbation de décomptes finaux ;
5. Approbation de divers crédits supplémentaires ;
6. Approbation de nouveaux statuts de l'association « Kropemannsfest a.s.b.l. » ;
7. Approbation de nouveaux statuts de l'association « Club des jeunes Réiden a.s.b.l.» ;
8. Décision de principe de contracter un leasing financier ;
9. Décision de principe concernant la fixation du salaire pour les salariés à tâche intellectuelle effectuant des remplacements dans l'équipe éducative auprès de la Maison relais ;
10. Approbation d'un devis supplémentaire ;
11. Présentation de la mise à jour du plan pluriannuel de financement (PPF) pour les années 2024-2026.

***Présences:*** M. Henri GEREKENS, bourgmestre et M. Luc PAULY et M. Tom FABER, échevins,
M. Jeff MULLER, Mme Monique KUFFER, M. Jean Valentin BODEM, M. Charles WELTER et
M. Raymond REMAKEL, conseillers.

Mme Muriel SEIL-NOURISSIER, secrétaire.

***Absences :*** /

Toutes les décisions ont été prises à l'unanimité.

### Approbation d'actes, de contrats et de conventions

• Convention de mise à disposition gratuite d'un local de stockage, sis rue du Lavoir à Redange, conclue avec le « Syndicat intercommunal De Réidener Kanton » en date du 8 juin 2023 pour la durée d'un an au prix annuel symbolique de 1.-€ ;
• Contrat de cession à titre gracieux de matériel ferroviaire, conclu avec l'association sans but lucratif « Jhangelisfrënn Nidderpallen » en date du 30 mars 2023 ;
• Convention du 5 mai 2023 concernant l'Office social Canton de Redange «OS-CARE» conclue pour la période du 1ier janvier au 31 décembre 2023 ;

• Contrat de droit de superficie, en vue de la construction d'un réservoir d'accumulation pour l'installation existante, conclu avec la Société Coopérative « Biogas un der Atert » en date du 5 juin 2023, pour une durée de 30 ans au prix annuel de 1.-€ ;
• Acte de cession gratuite du 9 juin 2023 par-devant Me. Edouard DELOSCH, notaire de résidence à Luxembourg conclu avec Monsieur Arnold Adolphe Henri FONCK de Redange/Attert, Mme Amélie Henriette FONCK d'Eltz et Mme Berthe FONCK de Bissen.

## OS CARE, Office Social du Canton de Redange : Approbation du bilan et du compte de profits et pertes de l'exercice 2020

Au vu des explications fournies et les redressements effectués par le Conseil d'Administration de l'Office Social du Canton de Redange, le conseil communal approuve le bilan du compte de profits et pertes de l'exercice 2020.

## Saisine d'une modification du « Plan d'Aménagement Général - PAG »

Approbation du projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement général de la commune de Redange/Attert actuellement en vigueur et se rapportant aux parcelles inscrites au cadastre de la commune de Redange/Attert, section D de Redange, numéros 508/5955, 508/5965, 508/5967, 508/5958, 508/5959, 508/5960, 508/5961, 508/5962 et 509/2384, aux lieux-dits « Auf Frohn », « Auf Klapescht » et « Rue d'Ospern » terrains actuellement classés en « zone d'habitation 1 », superposés avec une « zone soumise à un plan d'aménagement particulier – nouveau quartier » et une « zone d'aménagement différé » couvrant une surface totale de 0,58 hectare, comme suit :

• Suppression de la « zone soumise à un plan d'aménagement particulier nouveau quartier » pour toute la zone d'étude ;
• Mise hors vigueur du PAP approuvé Ref-No 16970/56C ;
• Suppression de la « zone d'aménagement différé » à l'Ouest de la rue « Auf Frohn ».

## Approbation de décomptes finaux

Approbation de différents décomptes finaux de projets comme suit :

| | |
|---|---|
| Total des devis approuvés : | 5.737.143,56.- € (T.T.C.) |
| Total des dépenses effectives : | 6.757.319,44.- € (T.T.C.) |

## Approbation de divers crédits supplémentaires

Approbation de crédits supplémentaires concernant les indemnités destinées au collège échevinal au montant de 8.129,74.-€ et les jetons de présence à allouer aux conseillers communaux au montant de 552,13.-€.

## Approbation de nouveaux statuts de l'association « Kropemannsfest a.s.b.l. »

Approbation du dépôt de la modification statutaire présentée par l'a.s.b.l. « Kropemannsfest ».

## Approbation de nouveaux statuts de l'association « Club des Jeunes Réiden a.s.b.l. »

Approbation du dépôt de la modification statutaire présentée par l'a.s.b.l. « Club des Jeunes Réiden ».

## *Décision de principe de contracter un leasing financier*

Décision de principe de contracter un leasing financier de 242.138,40.-€ euros TTC sur une période totale de 60 mois auprès d'une des trois banques implantées sur le territoire de la commune de Redange/Attert.

## *Décision de principe concernant la fixation du salaire pour les salariés à tâche intellectuelle effectuant des remplacements dans l'équipe éducative auprès de la Maison relais*

Décision de fixer le salaire pour les salariés à tâche intellectuelle effectuant des remplacements dans l'équipe éducative auprès de la Maison relais comme suit:

- les salariés disposant au moins d'un diplôme de fin d'études secondaires classiques ou de fin d'études secondaires générales auront droit à un salaire horaire de 18,0246 € (indice 921,40 actuellement en vigueur) ;

- tous les autres salariés auront droit à un salaire horaire de 15,8359 € (indice 921,40 actuellement en vigueur).

## *Approbation d'un devis supplémentaire*

Approbation d'un devis supplémentaire, établi par l'architecte Marc DISTELDORFF en date du 15 septembre 2023, concernant la construction d'un ascenseur au bâtiment de l'école fondamentale à Redange/Attert, au montant total de 241.804,13.- € T.T.C.

## *Présentation de la mise à jour du plan pluriannuel de financement (PPF) pour les années 2024-2026*

Le présent point de l'ordre de jour est reporté à une date ultérieure.

## *OPRUFF:*

**Leider gëtt et de Veräin «D´Jhangelisfrënn» net méi.**

**Dowéinst mécht d´Gemeng Réiden den Opruff un déi Leit, déi interesséiert wieren d´Geschicht vun der Gare zu Nidderpallen ze garantéieren.**

**Den Ënnerhalt gëtt vun der Gemeng gemaach.**

**Hu dir Interessi? Da mellt iech einfach bei der Gemeng Réiden fir méi Informatiounen ze kréien.**

***EE GROUSSE MERCI***






## Schmugglertour (35km) & Familljentour (9km)




**NEW:**
**Vëlostour an 2 Länner**

Départ/Arrivée:
Ell Centre Culturel
Auerzäit:
anytime tëscht 8h00 an 22h00

De Club des Jeunes vun Ell suergt fir Gedrénks (11-18h) & Iessen (11h30-14h)

Test your skills : Geschécklechkeetsparcours zu Ell am Schoulhaff fir Grouss & Kleng

**Méi Info :**
**www.velosummer.lu**




Vu lénks no riets:
Jean-Claude Kemmer, Direkter Réidener Schwämm
Claude Turmes, Engergie-minister
Roger Gereke, Vize-President Réidener Schwämm
Patrick Wampach, President Réidener Schwämm
Claude Haagen, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlich Entwécklung
Marc Hansen, Minister fir den ëffentlechen Déngscht
Marc Rehlinger, Member vum Büro Réidener Schwämm
Henri Gerekens, Member vum Büro Réidener Schwämm
Christian Frank, Member vum Büro Réidener Schwämm

# VUN NULL OP HONNERT

## HAPPY BIRTHDAY RÉIDENER SCHWÄMM!

**20 Joer ass et hier, datt d'Ouverture vun der kompletter neier Schwämm hei zu Réiden fir d'éischte Kéier konnt gefeiert ginn. 1999 haten sech déi 9 Gemenge Biekerech, Ell, Groussbus, Préizerdaul, Réiden, Säll, Useldeng, Viichten a Wal a Form vun engem Syndicat zesummegedoe mam Zil, déi al Schwämm ze moderniséieren an Zougang ze bidde fir d'Schoulklassen an awer och fir d'Bierger vum Kanton an aus der Groussregioun. Se war eng vun deenen éischte Schwämmen hei an der Géigend an huet direkt vun Null op Honnert ugefaangen. 2003 si 60.000 Leit duerch d'Diere gaangen. D'Joer drop waren et der 133.000! Dëst war de Startschoss vun enger Succes Story, déi bis dato unhält. An de läschten 20 Joer sinn, de Passage vun de Schoulklasse matgezielt, iwwer 2.000.000 Entréeë gezielt ginn. Dat mécht d'Réidener Schwämm zu engem wichtege Standbeen vum „Slow Tourismus". E Bäitrag dozou leeschte mat Sécherheet och d'Saunalandschaft an déi sällegen Eventer, déi d'Réidener Schwämm bis iwwert Grenze vum Kanton eraus bekannt gemaach hunn.**

### WICHTEGE REGIONALEN EMPLOYEUR

De Succès huet och dozou gefouert, datt d'Réidener Schwämm sech zu engem groussen Employeur aus der Regioun entwéckelt huet. An deene leschten 20 Joer sinn eng 23 Léierbouwen a Meedercher ausgebilt ginn. Aktuell ginn iwwer 33 fest agestallte Mataarbechter gezielt.

### INVESTISSEMENTER

Zanter 1999 si ronn 19,5 Milliounen an d'Gebaier gestach gi mat engem „Return on Invest" – bis dato sinn 13,2 Milliounen Recetten erakomm. D'Previsioune vun 2023 verspriechen Rekordzuelen, net nëmme bei de Visiteurszuelen, mee och bei de Recetten.

### SOZIAL ODER & KOLLABORATIOUNEN

Houfreg ass d'Réidener Schwämm op d'Zesummenaarbecht mat der Caritas. Ënnerstëtzt gi sozial Projeten, wei z.B. gratis Kannerschwammcoure fir manner bemëttelt Familljen. D'Epicerie Sociale vu Réiden koum och schonn e puer Mol an de Genoss vu Spenden. D'Réidener Jugendtreff kritt Opträg fir Kanneranimatiounen, d'Gestioun vu Cateringsstänn och d'Schafe vu

Stroosseschëlder fir Evenementer wéi z.B. d'Porte Ouverte. Dat deet hirer Keess fir e.a Ausflich oder Reesen ze finanzéiere gutt. Et gëtt och enk mam Office Regional du Tourisme geschafft. All déi Relatiounen droen dozou bäi, sech kontinuéierlech ze verbesseren.

## ZEFRIDDENHEET VUN DE CLIENTEN

An der leschter Ëmfro vum Fréijoer 2023 huet d'Réidener Schwämm iwwert eng Ëmfro eng global Zefriddenheet vun iwwer 95% erreecht. Et konnt een och feststellen, datt 51% vun de Clientë vu Lëtzebuerg a 46% aus der Belsch kommen. Déi aner Prozenter deelen sech op Däitschland a Frankräich op. Et huet sech och onmëssverständlech erausgeschielt, datt d'Réidener Schwämm, mat 83% Famillje mat Kanner, eng familljefrëndlech Schwämm ass.

## RESPONSABELEN ËMGANG MAT DE RESSOURCEN

2018 ass de Plastikverbrauch quasi ob Null bruecht ginn an den Offall op e Minimum reduzéiert ginn. Och kleng Initiativen hunn e groussen Impakt, wéi z.B. d'Ophänke vu Seefespenderen. Energie-technesch gëtt och responsabel gehandelt andeems d'Pompelen an d'Luuchte reguléiert gi fir de Verbrauch sou niddreg wéi méiglech ze halen. Via Panneauen um Daach gëtt d'Waasser gehëtzt an et besteet eng enk Zesummenaarbecht mat der Réidener Biogasanlag fir nohalteg a sécher Hëtzt ze garantéieren.

## SPANNEND ZUKUNFTSPROJETEN

D'Réidener Schwämm ass kee Privatbetrib mee gehéiert de Steierzueler. Dofir gëllt et ëmsou méi, fir responsabel ze wirtschaften, ökologesch an ekologesch. Fir och weiderhi Recetten ze generéieren, muss d'Schwämm attraktiv bleiwen a reegelméisseg investéiert ginn.

Am zukünftegen Neibau sti Krittäre vun der Ekonomie Circulaire am Laaschtenheft. D'Réidener Schwämm wëll nohalteg an Zukunft-orientéiert Baue mat e.a begréngte Fassaden an ee méiglechst geréngе Waasserverbrauch. D'Zil ass et, op dee niddregste $CO_2$-Ofdrock ze kommen, dee fir eng Schwämm méiglech ass. Dozou gehéiert et d'Hëtzt vum Ofwaasser ze recuperéieren an och ze kucken, wat ee mam Ofwaasser maache kann. Do gëtt aktuell gekuckt, wéiwäit d'Gemeng oder och de CGDIS dervu Gebrauch maache kéint. Alternativ Filtratiounsanlage ginn aktuell vun engem Büro d'Etude iwwerpréift an och no Léisungen, wéi d'Gebai net iwwerhëtzt.

Datt d'Rechnung vun Investissementer opgeet, beweist z.B. d'Beléiftheet an d'Multifunktionalitéit vum Rutschtuerm, deen 2018 opgaangen ass a verschidden Zilgruppen ugezunn huet oder d'Installatioun vun engem Massagesalon am ale Fitnessraum. Déi nächst Zilgrupp, déi viséiert ass, sinn déi „richteg" Schwëmmer, d'Schwammclibb & Federatiounen. En Ubau ass an der Planung, mat engem Kompetitiounsbecke vu 25 Meter mat engem Sprangtuerm vu 5 an engem vun 3 Meter. Mä domat nitt genuch. Geplangt gëtt och eng Kloterwand iwwert de Basseng – erëm eppes komplett Neies, wat et esou an der Groussregioun nach net gëtt. Eng weider Attraktioun fir Federatiounen, CGDIS, Arméi, Police an all aner Federatioun versprécht de Waasserparcours. NINJA WORRIER zu Lëtzebuerg – hei kann een iwwert der Waasserfläch Parkoure mat enger ganzer Rei vu Schwieregkeetsgraden duerstelle – tauchen, kloteren a schwamme gläichzäiteg – esou eppes hutt d'Regioun nach net gesinn. Et ass onmëssverständlech: d'Réidener Schwämm wäert och an den nächsten 20 Joren the place to be sinn a fir Iwwerraschungen a vill Freed suergen.



# Guided Summer Tours

**Bei Dag an Nuecht entdecken vum 18. Juli bis den 9. September**

Visit Guttland

**Umeldung & Informatiounen**

**Wärend der Summervakanz erwaart Iech an der Regioun Guttland ee besonnesche Programm. Ob Grouss oder Kleng, hei ass fir jiddereen eppes dobäi!**

| Entdecker Dënschdeg | Afterwork Mëttwoch | Déiereschen Donneschdeg | Freideg by night | Slow Samschdeg |
|---|---|---|---|---|
| 18.07 & 15.08<br>16:00-18:00 Auer<br>Useldeng<br>**Family, Fun, Bread & Bake**<br>LU/FR/EN | 19.07 & 16.08<br>19:00-21:00 Auer<br>Rolleng<br>**Yoga & Sound Bath um Kass-Haff**<br>EN (LU/DE/FR op Ufro) | 20.07 & 17.08<br>14:00-16:30 Auer<br>Rëmmereg<br>**Bauerenhaff „A Wëlwertz"**<br>LU/DE/FR | 28.07 & 04.08<br>20:30-23:00 Auer<br>Uewermaartel<br>**Ofdauchen an d'Welt vum Schifer**<br>LU | 22.07 & 19.08<br>09:00-11:30 Auer<br>Rëmmereg<br>**Meditativ Wanderen um Guttland.Trail Siwe Bréck-Wee**<br>LU (DE/EN op Ufro) |
| 25.07 & 22.08<br>14:00-16:30 Auer<br>Uewermaartel<br>**Dots.Schiefer Atelier**<br>LU/DE/FR | 26.07 & 23.08<br>18:30-20:30 Auer<br>Nouspelt<br>**Péckvillchen Workshop**<br>LU/DE/FR | 27.07 & 24.08<br>14:00-16:00 Auer<br>Conter<br>**Familljenausfluch op d'Straussefarm „An Nommesch"**<br>LU/DE/FR | 11.08 & 18.08<br>20:00-22:30 Auer<br>Useldeng<br>**Geschichten, Soen a Legenden an der Useldenger Buerg**<br>LU | 29.07 & 26.08<br>10:00-12:00 Auer<br>Randschelt<br>**Slow Trip duerch dat klengsten Duerf am Land**<br>LU/DE/FR/EN |
| 01.08 & 29.08<br>14:00-15:30 Auer<br>Useldeng<br>**Kannerfrëndlech Visitt op der Useldenger Buerg**<br>LU/DE | 02.08 & 30.08<br>18:00-20:00 Auer<br>Stengefort<br>**Keramik Workshop**<br>FR | 03.08 & 31.08<br>14:00-17:00 Auer<br>Rolleng<br>**D'Liewen um Kass-Haff**<br>LU/DE/FR/EN | 25.08 & 01.09<br>19:00-21:00 Auer<br>Koler<br>**„Rebierg" bei Sonnenënnergang**<br>LU/DE/FR | 05.08 & 02.09<br>09:00-11:30 Auer<br>Iwwersiren<br>**„Schlammwiss" Op Entdeckungsrees am Naturreservat**<br>LU/DE/FR/EN |
| 08.08 & 05.09<br>14:00-16:00 Auer<br>Nouspelt<br>**Péckvillchen Workshop am Poterie-Musée**<br>LU/DE/FR | 09.08 & 06.09<br>19:00-21:00 Auer<br>Biekerech<br>**After-Work mat de Mille Giedelen**<br>LU/DE/FR | 10.08 & 07.09<br>14:00-15:30 Auer<br>Biekerech<br>**To bee or not to bee**<br>LU/DE | 21.07 & 08.09<br>20:30-22:00 Auer<br>Giewel<br>**Fakelwanderung bei d'réimesch Villa**<br>LU/DE | 12.08 & 09.09<br>10:00-12:00 Uhr<br>Miersch<br>**Waldbaden (Shinrin Yoku)**<br>LU |

VisitGuttland @visitguttland

**MINITRIP ELSASS**
**ZWISCHEN WEIHNACHTSMARKT UND BESICHTIGUNGEN**



**Meisenthal - Haut-Koenigsburg - Obernai - Selestat - Straßburg**

Erleben Sie den Weihnachtszauber im Elsass.
Auf dem Programm:
Besuch des « Centre International d'Art Verrier" von Meisenthal, wo jede Saison mehrere tausend Weihnachtskugeln hergestellt werden.
Dann in 800 Metern Höhe werden wir die festliche Stimmung des berühmten Schlosses Haut-Koenigsbourg entdecken.

Wir wohnen im Herzen des historischen Viertels von Obernai, und tauchen in die Atmosphäre der Weihnachtsmärkte von Obernai und Selestat ein.

Wir beenden unsere kleine Reise in der «Weihnachtshauptstadt» Straßburg.
Weitere Details werden Ihnen bei der Anmeldung mitgeteilt.

**vom Mittwoch bis Freitag, den 06. - 08. Dezember**



**MINITRIP ALSACE**
**ENTRE MARCHE DE NOËL ET VISITES**

**Meisenthal - Haut Koenigsbourg – Obernai – Selestat - Strasbourg**

*Venez vivre la magie de Noël en Alsace.*
*Au programme : visite du Centre International d'Art Verrier de Meisenthal où plusieurs milliers de boules de Noël sont soufflées chaque saison.*
*Ensuite à 800 mètres d'altitude, nous découvrirons l'ambiance festive de fin d'année qui parvient à conquérir le célèbre château du Haut-Koeningsbourg.*

*Nous logerons au cœur du quartier historique d'Obernai, et plongerons avec délice dans l'amosphère des marchés de Noël d'Obernai et Selestat !*

*Nous finirons notre escapade par la » capitale de Noël », Strasbourg.*
*Les détails sur ce voyage vous seront communiqués lors de votre inscription.*

*du mercredi 06 au vendredi 08 décembre*

**Tarif : 656 €** , Zuschlag von 151 € für ein Einzelzimmer/
*supplément de 151 € pour une chambre seule.*
Inklusive: Fahrt im Komfortbus, 2 Übernachtungen, Essen und Führungen
*Y compris: le voyage en bus confort, le logement de 2 nuits, repas et visites*
**Wer / Qui:** Annick Simonet

**Bis spätestens den 29. September anmelden! / *Inscrivez-vous au plus tard le 29 septembre!***

**Einschreibung / Inscription : Tel. 27 55-33 70 • Mo-Fr / Lu-Ve • 09h00-12h00**

Club Atertdall
zesummen erliewen

Wëllplanzesom Lëtzebuerg

# E Mier aus Bléie mat de LUX-Mëschungen

## Mëtt August bis September ass et nees Zäit fir unzeséien!

Fir d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Regioun gëeegent. Den Naturschutzsyndikat SICONA an den Naturmusée schaffen zanter e puer Joer zesumme mat weidere Partner um Opbau vun enger Lëtzebuerger Someproduktioun vu Wëllplanzen. Lëtzebuerger Bauere produzéieren dat zertifizéiert Geseems vun heemesche Wëllplanzenaarten op hire Felder. D'Planze ginn no ökologesche Krittären ugebaut, de Som gëtt recoltéiert an d'Firma Rieger-Hofmann stellt d'Geseems dann zu verschiddene Wëllplanzemëschunge fir Lëtzebuerg zesummen.

Jiderengem, deen eng Blummewiss bei sech doheem am Gaart oder op ëffentleche Grëngflächen uleeë wëll, recommandéiere mir d'LUX-Mëschunge vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekte sinn. Den Ubau an d'Vermaartung vum Lëtzebuerger Wëllplanzegeseems gëtt an all senge Produktiounsofschnëtt no strenge Krittäre kontrolléiert. Ee Qualitéitssigel bestätegt transparent déi regional Hierkonft vum Wëllplanzegeseems.

### Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir Flächen am Südlungsraum vu 25–50 m² kennen 100 g Tute vun den dräi Mëschunge LUX-Blumenwiese, LUX-Schotterrasen a LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen bei folgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaaft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Bartreng, co-labor
- Colmer-Bierg, De Verband V Shop
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Léiweng, De Verband V Shop
- Lëtzebuerg, Ëmweltberodung Lëtzebuerg
- Lëtzebuerg, Oekozenter Pafendall
- Lëtzebuerg, Shop vum 'natur musée'
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Steesel, Bamschoul Becker
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen



Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fannt Dir op: www.wellplanzen.lu.

All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéite bei der Firma Barenbrug zu Angelduerf oder online am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann (www.rieger-hofmann.de) ënnert „Mischungen für Luxemburg" kaaft ginn.

**Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir Iech gären.**

SICONA Naturschutzsyndikat

Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu




Dir wëllt d' *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Geseems kenneléieren? Dann huet Dir elo d'Méiglechkeet bei eis an der Gemeng eng kleng Titche mat Geseems fir 1 m² sichen ze kommen (d'Quantitéit ass begrenzt). Dëst Geseems kennt Dir an Ärem Gaart séien an Iech un de faarwege Bléien erfreeën.




Dir erkennt *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-zertifizéiert Geseems un Qualitéitssigel.



Eng Bléistràif, déi mat der Mëschung LUX-Bunter Saum ugeséint ginn ass.



E Feld op deem de Gewéinleche Knuef (*Echium vulgare*) am Kader vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* ugebaut gëtt fir d'Geseems ze produzéieren. D'Geseems gëtt duerno an d'LUX-Mëschungen ageschafft.

# Virowend vum Nationalfeierdag

***Hei e puer Impressioune vum Virowend vum Nationalfeierdag zu Réiden.***
***Ee grousse Merci un de Léon Rasqué fir déi flott Fotoen.***



























# Das „Coventry Drum Corps" zu Besuch in Redingen

**(10.8.1993)**

Bei Gelegenheit der Abschlußfeier ihres traditionellen Sommerfestes wartete die lokale Feuerwehr aus Redingen dieses Jahr mit einer Überraschung ganz besonderer Art auf. Ungewohnte musikalische Klänge erfüllten die Ortschaft, als am Dienstagabend, den 10. August, eine aus England stammende Folkloreformation in imposantem Aufmarsch die Straßen des Gemeindehauptortes durchzog.

Schmetternde Fanfaren, packende Trommelwirbel und helles Xylophongeläut riefen die Schaulustigen aus den Häusern hervor, während andere bereits auf dem Kirchplatz des angekündigten Konzertes harrten, das hier für 20 Uhr angesagt war.

Es ist in der Tat nichts Alltägliches, wenn sich in unserem kleinen, knapp tausend Seelen zählenden Ort eine ausländische Musikgruppe von internationalem Namen einfindet, und das noch an einem normalen Werktage. Die Gäste, die Redingen an diesem Abend empfangen durfte, stammten aus der Großstadt Coventry, in der Nähe von Birmingham, und waren seit Tagen auf Tournee durch Frankreich und Belgien. Daß sie auch Redingen einen Besuch abstatteten, ist der Initiative von Feuerwehrkommandant Flory Thein zu verdanken, der sich dafür einsetzte, ein etwas außergewöhnliches



**Die offizielle Begrüßung**

musikalisches Schauspiel auch einmal in unserer Gemeinde anzubieten.

Aus vierzig jungen Musikanten, im Alter zwischen zehn und zwanzig Jahren, begleitet von einem Dutzend erwachsenen Betreuern, bestand das „Coventry Drum Corps", das mit zwei Bussen angereist war. Die pittoresken Uniformen, welche die Musikanten trugen, sind historischen Ursprungs, entstammen sie doch der Vorlage einer Militäreinheit der Stadt Coventry aus dem vergangenen Jahrhundert.

Die Idee, diese Showgruppe, die seit nun bereits 25 Jahren besteht, ins Leben zu rufen, entsprang dem idealistischen Bestreben, durch die Musik Kameradschaft unter der Ju-



19



**Die Organisatoren von englischer und luxemburgischer Seite**

gend zu fördern und dieser die Gelegenheit zu geben, die europäische Integration durch internationale Auftritte konkret mitzuerleben und mitzugestalten.

Die Mitglieder dieser Formation wechseln im Laufe der Jahre beständig, da ihre Zugehörigkeit zum Korps an eine bestimmte Altersgrenze gebunden ist. Die mitangereisten Betreuer waren zum Großteil Leute aus dem Justizbereich, Richter und Advokaten, die ihre Zöglinge in kollegialer Weise umrahmten, und hierbei eine harmonische Mischung von gesunder Disziplin und englischem Takt entfalteten.

Im Namen des Gemeinderates zeigte sich Jean Nehrenhausen bei seiner Empfangsrede erfreut darüber, daß das angereiste Korps auf seiner allerersten Rundfahrt durch unser Land gerade in Redingen halt gemacht habe. Er gab zu verstehen, daß durch die Präsenz solch illustrer Gäste ein erstklassiges Kulturereignis geboten würde und nach den vergangenen zweitägigen Feiern am Wochenende nun ein weiterer Höhepunkt im Unterhaltungsprogramm zu erwarten sei. Die Abwesenheit seiner Kollegen aus dem Gemeinderat entschuldigte er damit, daß sie alle zur Zeit am 'Seaside' weilten.

Nachdem ein Andenken und ein Blumenstrauß seitens der Gemeinde und der Feuerwehr an den Leiter der Gruppe, Mr. Ross, überreicht worden waren, nahm der Musikantenzug seinen Weg durch die Großstrasse bis hin zur Place Bian. Gefällige und bekannte Melodien erfreuten hier ein zahlreiches Publikum, dessen Reihen mit vielen auswärtigen Besuchern aufgefüllt waren. Dies beweist übrigens, daß die Leute sich nicht scheuen, unser abwärts gelegenes Redingen auch von weither aufzusuchen, wenn ihnen hier etwas Außerordentliches geboten wird.

Die Zuschauer hatten auf den Bänken neben dem Kiosk Platz genommen, da man diese seit dem vergangenen Wochenende speziell für gegenwärtigen Anlass noch stehen gelassen hatte. Zum Schluß der Darbietung wurden verschiedene Mitglieder des Organisationskomitees sowie Freiwillige des Publikums zum Mitmusizieren auf dargereichten, einfachen Instrumenten eingeladen, welches der guten Stimmung eine zusätzliche, heitere Note verlieh.

Nach Beendigung des Konzertes wurde im „Polyvalent" eine „Hameschmier" verabreicht, die mit besonders großem Appetit verzehrt wurde, immerhin hatten die hungrigen Mäuler seit dem Morgen sogut wie überhaupt nichts gegessen. Während eines spontanen Toastes beglückwünschte J. Nehrenhausen die jungen Musiker für ihre erstaunliche musikalische Leistung und drückte den Wunsch aus, man möge Redingen in bester Erinnerung behalten. Dem hielt Mr. Ross entgegen, er sei aufs höchste erfreut über die große Bereitschaft mit der man hier im kleinen Redingen ausländische Gäste aufzunehmen gewillt sei. Er bedankte sich für die Bereitstellung von Schlafplätzen in der Regionalschule sowie die Möglichkeit, sich der Duschen in der Sporthalle zu bedienen. Eine solche Zuvorkommenheit sei selbst in größeren Städten kaum eine Selbstverständlichkeit. Dann schloß er mit den historisch klingenden Worten:

„Redange is a small town, but it has a great heart."



20

# E schéine Geste vum Gaart an Heem Réiden




### *3 000 Euro-Scheck u Lux Rollers*

Fir Samsdes, den 1. Juli hat de Gaart an Heem Réiden op hir Mammefeier 2023 invitéiert. Dëser Aluedung waren och ganz vill Memberen nokomm an hunn och zesummen e ganz gemittlichen Nomëtteg verbruecht. Musikalisch begleed vum Entertainer „Solo Mio“, enger grousser Tombola, enger Kuchenthéik mat enger Taass Kaffi, hu bei dëser Mammefeier niewt engem klengen Kaddo och nit gefeelt. No sengen Wëllkommensgréiss war et fir de President Raymond Schlim eng besonnesch Éier, zesumme mat sengem Comité a Memberen vum Réidener Schäfferot, e Scheck vun 3 000 Euro ze iwwerreechen. Dës d‘Zomm stellt den Erléis vum Hierkenowend am November an der Eisekuche-Aktioun vum ganze Joer, duer. Mat engem oprichtige Merci konnten de President Raymond Schintgen mat sengem Sekretär Philippe Faber, dëse Scheck an Empfang huelen, deen der Vereenegung „Lux Rollers“ zugutt kënnt. Dës Sue gi gebraucht fir Material ze kafen, fir d´Sportaktivitéiten vun hire Memberen ze garantéieren, well esou ee Basketsrollstull di d’Zomm vun ëmmerhin 12.000 Euro kascht.

(Text/Foto: Charles Reiser)

# Am HPPA gouf mat 38 Jubilaren gefeiert



Am Ofstand vun jeweils dräi Méint, ass et och am HPPA Saint-François zu Réiden, di schéin Traditioun fir hir Jubilaren zum Gebuertsdag ze feieren. Am Kader vun enger grousser Gebuertsdagsfeier, den 29. Juni konnten all di 38 Matbewunner vun de Méint Mäerz, Abrëll a Mee, d'Gratulatiounen am Numm vun der Direktioun mam ganze Pflegepersonal vun der Sr. Benedikta, dem Françoise Erpelding a Mike Heintz entgéint huelen. Di schéi Rousen an de klenge Kado, dee vun de Leit vum Grupp „R“ iwwerreecht gi sinn, huet de Jubilaren och vill Freed gemeet. Fir de musikalischen Encadrement huet den Entertainer „Haemelmaus„ de ganzen Nomëtteg och bäschtens gesuergt. Bei engem Glas Crémant, engem gut gefëllten Teller, Kaffi a Kuch huet dës schéi Feier, verbonne mat flotter Danzmusik hire würdigen Ofschloss fond. D'Jubilaren vum Mount Mäerz: Marie-Louise Gloesener-Jacqué (80 Joer), Arthur Pletschette (92), Lucienne Schneider-Genin (93), Christiane Decarniere-Uyttendaele (84), Alphonse Schroeder (86), Yvonne Graf-Mossong (93), Lydia Struck-Krieps (70), Nicolas Collard (85), Denise Goedert-Knops(90), Irma Krieps-Olsem (95), Anne Schweitzer-Aust (86), Laure Weber-Schrantz (79) an Léonie Fey-Hommel (87). Mount Abrëll: Marie-Blanche Becker-Thilmany (98), Virginie Rodesch-Schreiber (96), Marguerite Reding-Zieser (93), Aline Bach-Philippe (87), Marie-Thérèse Diederich-Wolff (93), Jean Colbach (87), Gisèle Juchem-Quinet(83), Marie Wilmes (77), Yvonne Thoma-Jeitz (91), Marie-Madeleine Fasbinder-Nilles (93) an André Reimen (77). Mount Mee: Margot Majeurs-Philipp (84), René Wolter (85), Nicole Suchomel-Neuhengen (88), Cécile Collard-Reuter (83), Félicie Zacharias-Conrardy (87), Raymonde Wanderscheid-Belche (86), Marco Gehlhausen (67), Susan Nerantzis-Gibson (82), Anne Flammang-Nilles (95), Georgette Gratia-Wagner (92), Lucie Hoffmann (98), Joseph Bredimus (76), Josée Schleich-Gloesener (88) an Jacqueline Karger-Weis (87). (Text/Foto: Charles Reiser)



# AKTIOUN GIELT BAND

**Wann dir wësse wëllt, wou ass Uebstbeem stinn, da gitt op www.redange.lu ënner News kucken.**

# HEI DIERFT DIR PLÉCKEN!

D'"Gielt Band" ass eng Aktioun vum Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an dem Syvicol. **Ass een Uebstbam mat engem giele Band markéiert, dann ass d'Plécke fir den eegene Bedarf erlaabt,** jo esouguer erwënscht. An dat gratis. Zil ass et vun deene villen ongenotzten Uebstbeem ze profitéieren an sech ze zerwéieren.

*Mir sinn Antigaspi an Dir?* **Zesumme géint d'Liewensmëttelverschwendung!**

*Zerwéiert Iech!*

Anti gaspi antigaspi.lu

SYVICOL Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural